

Pressecommuniqué

De Landesverband - d'Gewerkschaft vun de Chargéén!

Bal 40% vun alle Chargéén a Chargéë sinn am Landesverband
engagéiert – eng Kloerstellung

Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Enseignement fundamental,

Et schéngt vill Niwwel ze herrschen Enn Mäerz 2015, zumindest an de Käpp vu Leit aus enger nei gegrënntener Gruppéierung, di verspricht, sech fir d'Chargéén am Enseignement secondaire anzesetzen. Wéi al jonk Gruppéierungen huet si e puer Kannerkränkten, wat normal ass wann een eréischt nei an d'Welt kuckt.

Dat wäert dann och erklären, firwat momentan Niwwelkerzen a verschidde Pressecommuniqué gezündt ginn. Hei eng Kloerstellung:

Zanter iwwer 25 Joer kämpfen engagéiert Chargéén aus dem Enseignement fundamental am Landesverband fir d'Rechter vun allen Enseignantën, di kee Brevet hunn. **Sou ass et dem Landesverband ze verdanken, dass am Joer 2009 sämtlech Chargéë vum Staat mat feste Kontrakter iwwerholl gi sinn!**

An deene 25 Joer huet de Landesverband och nach eng Jett wieder Verbesserungen ereecht. Erënnere mer hei just un e puer mi rezent Beispiller:

- fir d'Reaffektatiounsprozedur brauch kee méi op di penibel Reunioun op de Geesseknäppchen ze pilgeren,
- all Joer organiséiert de Landesverband zesumme mam MEN eng grouss Informatiounsversammlung mat den Neierungen, di fir d'Reaffektatioun oder dat neit Schouljoer an d'Haus stinn,
- d'ganz Joer iwwer sti mir an enkem Kontakt mam Educatiounsministär a klären a sachleche Gespréicher eng Partie Problemer souwuel mam Minister selwer wéi och mat sänge Mataarbechter,
- de Landesverband ënnerstëtzt eng Partie vun eise Memberen fir mat Hëllef vun engem Affekot hir CDDën an CDIën ëmgewandelt ze kréien,
- nach elo am Mäerz trëfft de Landesverband sech mat der Direktioun vun der *autonome Hochschule der deutschsprachigen Gemeinschaft* zu Eupen an der Belsch fir iwwert en zweete Bildungswee fir Chargéén aus dem Fundamental ze diskutéieren.

Wéi dir gesitt, setze mär engagéiert Chargéén eis zanter Joren fir d'ganz spezifescht Uleies vun den iwwer 1.000 Chargéén aus dem Fundamental an. Et gëllt hei Problemer ze klären, di et alleng am

Fondamental gëtt. Am Secondaire sinn d'Chargés d'éducation mat ganz anere Realitéite
confrontéiert.

Fazit: et ass de Landesverband, deen exklusiv d'Rechter vun den Chargéen aus dem Fondamental
vertrëtt. An dat zanter Jorzingte mat grousem Succès. Eis Membere wësse scho firwat, dass se beim
Landesverband sinn a sech vun hiren eegene Leit vertrieede loossen!

Dofir wiert d'Lëscht 1 – Zesumme staark!
Di eenzeg Lëscht mat Chargéen aus dem Fondamental!

Matgedeelt vun der Sektoun Enseignement vum Landesverband